

**Madame Vera Spautz**  
**Gemengeréitin**

Madame Spautz,

Heimat kéime mer ob är Froën vum 28. März 2021 zrëck betreffend d'Invitatiounen vun Gemengekommissiounen wéi och Gemengeréit ob Veranstaltungen, Inauguratiounen, Virstellungen an aner Manifestatiounen.

Wéi der selwer an der Aleedung zu ärer Fro feststellt, ass wéinst der Covid-Pandemie an den domadder verbonnen sanitären Moosnahmen, et emmer nëmmen enger begrenzter Unzuel vun Invitéën méiglech un Veranstaltungen deelzehuelen. Et ass dem Schäfferot an deem Kontext wichteg ze vermeiden e Risiko vun Infektiounsclustere am Kader vun solchen Veranstaltungen ze schafen.

Mir beäntwerten dofir gären är verschidden Froën:

Den Schäfferot applizéiert am Prinzip folgend Krittäre fir d'Invitatiounen zu deenen vun ierch obgezielten Evenementer, Krittären déi onsens Wëssens no, och schons vun den fiireschten Gemengeréit applizéiert goufen.

Zu Inauguratiounen an öffentlechen Veranstaltungen gin d'Gemengeréit, d'Presse, déi zoustänneg Servicer, d'Gemengekommissioun(en) déi ob deem Dossier geschafft hun an extern Kollaborateuren invitéiert. Zu Pressekonferenzen gett, wéi de Numm et seet, just d'Presse invitéiert.

Zu deenen spezifeschen Veranstaltungen déi der opzielt, ass folgendes ze soën:

- Grondsteenleeung vun der Schou Wobrécken an der Fête du Bouquet vun den 2 Bauprojet'en an den Nonnewisen: wéinst der Präsenz vun engem Regierungsvertrieder bei desen Veranstaltungen, huet de Schäfferot sech missten un d'Direktiven vun deenen jeweilige Ministären halen. Bei der fête du bouquet woren d'Oplaagen vum Ministère du Logement esouguer esou streng, dass esouguer de ganzen Schäfferot net konnt deelzehuelen (wéi der ob de Foto'en kennt gesin);
- Informatiounssëtzung fir déi Escher Geschäftsleit an Entreprises am Kader vun Esch2022: dest wor eng Veranstaltung, déi net vun der Gemeng Esch, mee vun der Direktioun vun Esch2022 organiséiert gouf.

- Inauguratioun vun den terrains multisports zu Raemerich an um Bruch: an deem Kontext hat den Schäfferot de choix gemaach an der aktueller Situatioun eng Aweigung an der Präsenz vun den Notzer vun deem Terrain ze maachen. Fir de Risk vun engem ze groussen Rassemblement ze vermeiden, konnten d'Gemengeréit leider net invitéiert gin.
- Presentatioun vum carnet de bienvenue: dest wor eng Pressekonferenzen, déi, wéinst der aktueller Situatioun, am Fräien stattfonnt huet.
- Bei der Aweihung vun de Stroosseschëlde waren zwee Szenarioen ageplangt, entweder bei guddem Wieder dobaussen op der Stadhausplaz, oder bei schlechtem Wieder dobannen an der Entrée vum Stadhaus. Beim zweeten Szenario, waren mär opgrond vun de Covid-Mesuren, notamment der 2 Meter-Distanz-Regelung, mat der Unzuel vu Participanten limitéiert. Esou dass zréckbehale gouff als éicht déi Leit ze invitéieren, déi Initiateure vum Projet an/oder aktiv an der Gestaltung vum Projet bedeelegt waren. Dëst waren d'Membren vum Conseil national des Femmes du Luxembourg, d'Memberen vun der Escher Chancegläichheets-Kommissioun an d'Marrainen an d'Parrainen vun eenzelne Stroosseschëlde. Opgrond vum gudden Wieder konnt d'Aweihung no bause verluecht ginn.

Zu allen Veranstaltungen zu deenen Gemengerotsmemberen ob Basis vun den uewengenannten Krittären invitéieren gin, wäert all eenzelnen Conseiller zum nämlechten Moment invitéiert gin wéi all aner Invitée'en, wat och an engem vernënftegen Delai soll geschéien.

Mat allerbeschten Gréiss

Jean-Paul Espen  
Generalsekretär

Georges Mischo  
Buergermeeschter